



**Äntwert vun der Ministesch fir Justiz, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro n°7324 vum 6.12.2022
vum honorabelen Deputéierten Här Sven CLEMENT iwwert den RBE**

1. Op wéi enger legaler Basis gouf den Accès zum RBE fir Persounen gesperrt ?

Den Arrêt vun der CJUE op deen den honorabelen Deputéierten sech berëfft, huet den Artikel 1, Punkt 15 ënnert c) vun der Directive 2018/843¹ fir ongültig erkläert, well dësen géint d'Charta vun de Grondrechter vun der europäescher Unioun (Artikel 7 an 8) verstéisst. Vu dass den Accès vum Public deen am Gesetz vum 23. Januar 2019 iwwer den RBE virgesinn ass, d'Ëmsetzung vun där invaliderter Dispositioun an déi national Gesetzgebung duerstellt, war och d'Gesetz op deem Punkt net méi mat der CJUE Jurisprudenz konform. Deemno konnt een den Accès fir de Public net méi generell oplossen.

2. Wéi eng Acteuren (ausser déi am Art. 1 (5°) vum Gesetz genannten Autoritéiten) hunn haut Accès op den RBE.

Op den Dag vun haut, ass den Accès fir folgend Acteuren opgemaach ginn :

- Professioneller déi am Artikel 2 vum Gesetz vum 12. November 2004 définiert sinn ;
- Journalisten mat enger lëtzebuurger Pressekaart, ausgestellt vum Conseil de Presse ;
- de Barreau vu Lëtzebuerg an Dikrech, den Institut des Réviseurs d'entreprises, den Ordre des experts-comptables luxembourgeois, d'Chambre des Notaires an d'Chambre des Huissiers.

3. Op wéi enger legaler Basis hu Professioneller (ewéi am Artikel 2 vum Gesetz vum 12. November 2004 définiert) weiderhinn en Accès op Informatiounen déi aaneren virenthale ginn ?

D'legal Basis ass den Artikel 1 Punkt 6° an den Artikel 12 vum Gesetz vum 23. Februar 2019 iwwer den RBE, deen den Artikel 30, Paragraph 5 b) ("*aux entités assujetties, dans le cadre de la vigilance à l'égard de la clientèle conformément au chapitre II*") ëmgesat huet.

4. Gëtt et kee Risiko datt betrafte Professioneller och op Schuedenersatz kloer kéinten well hiren Accès ouni legal Basis gespaart gouf ?

Professioneller haten nëmme während enger kuerzer Zäit keen Accès méi. Zanter dem 16. Dezember 2022 kënnen Professioneller den Accès nees froen.²

Vu, dass bis zum Zäitpunkt vum Arrêt vun der Cour den Accès vum Public deen nammlechten war wéi deen, deen vun de Professionelle benotzt gouf, war et gerechtfäerdigt den Accès zouzemaachen, well soss den RBE géint d'Décisioun vun der CJUE vum 22. November verstouss hätt. Den Accès vun de Professionellen konnt awer nees séier opgemaach ginn. Deemno ass de Risiko op eng Demande op Schuedenersatz geréng. E Professionellen muss fir d'éischt nämlech beweisen, dass et doduerch zu engem Schued koom.

¹ <http://data.europa.eu/eli/dir/2018/843/oj>

² https://www.lbr.lu/mjrcs-rbe/jsp/webapp/static/mjrcs/en/mjrcs-rbe/consultationRBEAccess.html?FROM_MENU=true&time=1671544901321&pageTitle=menu.item.rebeco.consultationaccess.request¤tMenuLabel=menu.item.rebeco.consultationaccess.request



Lëtzebuerg, den 17 Januar 2023.

D' Justizministes

(s.) Sam Tanson